# Den Deche vu Maacher geet sénger Wee...

*Virun der grousser Vakanz huet de Fons Lichter, Deche vu Gréiwemaacher a Regionaldechen, säin Abschiedsbréif publizéiert, deen en ufanks September 2002 un den Äerzbëschof geschéckt hat. E krut bis haut zwar nach keng Entwert, mä e Nofolger ass scho genannt.* **forum** *dréckt de Bréif of, well en e Malaise ausdréckt, dee ganz secher net nëmmen dem Maacher Deche säin ass. Di kathoulesch Press awer bidd keng Plaz fir iwwert déi grondlégend Problemer an der Kierch ze schwetzen.*

Fons Lichter


Här Äerzbëschof,
léiwe Fernand,

Viru 17 Joer (1985) hunn ech am Virbereedungsparblat op d'Primiz vum Erni Gillen zu Nidderkuer Folgendes geschriwwen:

" ... Ech sinn der Meenung, datt e Geeschtlechen, e Paschtouer sech haut méi wéi jee bewosst muss sinn, datt en der chrëschtlecher Gemeinschaft, déi him uvertraut ginn ass, net géintiwwersteet, mä datt e sech als gleewege Mënsch als ee vun hinne spiert, datt en also net nëmme Geeschtlechen. oder Paschtouer ass, mä och Mënsch a Chrëscht; datt säin Déngscht en Zeechnes muss sinn vu sengem perséinleche mënschlechen a chrëschtleche Glaf, dee keen aneren ass wéi de schwaache Glaf vun alle Chrëschten - e Glaf, deen emmer nees a Gefoer ass - e Glaf, deen eben eng gleeweg Gemeinschaft brauch fir an hier ze wuessen a sech entfalen ze kënnen.

Fir dës Gemeinschaft huet e Geeschtlechen, e Paschtouer ze schaffen, net als kale Beamten oder raffinéierte Manager, mä mënschlech, bridderlech, offen a kreativ.

E muss d'Liewe vun dëser Gemeinschaft liewen (an dat gëllt och fir d'Pastoralassistenten/innen, fir d'Katecheten/innen a fir all, déi am pastoralen Déngscht täteg sinn, och fir e Bëschof): e muss hiert Liewensgefill deelen, andeem e Jo seet zum Liewen, andeem e glécklech a frou ass mat deenen, déi sech gär hunn a frou sinn, onkompliżéiert mat der Jugend, traureg mat deenen, déi am Trauer sinn, beméit em Fridden ënner deenen, déi am Sträit matenee liewen. E muss sech fir e weltnot Chrëschtentum asetzen, dat em d'Freed an em d'Leed an dëser Welt weess an dat doweinst och fir de Kreesch vun Honger en Ouer huet an deem d'Nout vun esou villen an dëser Welt net friem ass ... "



Datt ech villes vun deern, wat ech deemools geschriwwen hunn, a menge 35 Joer als Kaploun zu Téiteng, als Paschtouer zu Nidderkuer, op der Sauvage, zu Mamer an als Dechen zu Käerch an am Parverband Maacher liewen an erliewe konnt, duerfir well ech Merci soen... an ech géng et nach eng Kéier maachen, wann ech nees vu vir unzefänken hätt ... a sécher nach méi op déi Manéier, wéi ech et virdru beschriwwen hunn!

Awer d'Zäit.ass komm fir a Pensioun ze goen,

1.well ech d' nächst Joer (2003) der 62 kréien, wa Gott wëll, an all Mënsch, dee geschafft huet, e Recht op Pensioun huet,

2. well ech iwwerzeegt sinn, datt meng Persoun net zielt oder, wéi de Paulus et a sengern 1. Bréif un d'Chrëschte vu Korinth schreift: "Ech hu geplanzt, den Apollo huet begoss, Gott awer léisst wuessen. Esou ass weder deen eppes, dee planzt, nach deen, dee begéisst, mä nëmme Gott, dee wuesse léisst (3,6-7)",

3. well ech den Driff an d'Kraaft net méi hunn, nei Responsabilitéiten z'iwwerhuelen: d'"Lokomotiv" packt d'Waggoen net méi, déi am Laf vun de Joren ugehaang gi sinn, an Décisiounen ze treffen, dat fällt mer ëmmer méi schwéier,

4. well ech dru gleewen, datt kee Mensch onersetzbar ass, an datt et mat der Kierch och nach weidergeet, wann ech net méi do sinn ... (oder gleewe mer net un den Hellege Geescht¿),

5. well ech der Meenung sinn, datt trotz Priestermangel an eise Paren nach ganz vill Leit do sinn, déi pastoral, sakramental, liturgesch a missionaresch Aufgaben iwwerhuele kënnten, wann en Ëmdenken un der Spëtzt vun eiser Kierch méiglech wär. (An iwwregens: wat ass mat de "Gottesdiensthelfer" geschitt, déi an den achtzeger Joren ausgebillt gi sinn¿ ... a wat ass geschitt mat de Parréit an de Liturgie-Gruppen, déi an alle Paren, an deenen ech bis elo war, formidabel Aarbecht,geleescht hunn¿),

6. well ech mech net mat enger "Opus-Dei-Theologie (¿) oder Ideologie" vun esou munche jonke Geeschtlech hei am Land identifizéiere kann a wëll,


7. well ech kee "Märtyrer vum Bistum" wëll ginn, wéi esou munch eeler Geeschtlech, déi ech kennen oder kannt hunn an déi ech ëmmer nees ersetzen oder ersat hunn, déi sécher an hirer „Glanz-Zäit“ gutt Aarbecht geleescht hunn (déi awer kaum Merci gesot kritt hunn), deenen hir Pensioun awer, wéi den Ament do war, wou se geeschteg a kierperlech net méi "â même" waren, vun de Responsablen aus dem Bistum net ugeholl ginn ass an déi duerno net méi vun hirer Plaz wäiche wollten,

8. well ech och keng Lächer stoppe a Mass hei a Mass do feiere wëll: Ech sinn der Meenung, datt e Paschtouer Gemeinschaften opbaue muss, déi eucharistiefäheg sinn (de Jesus huet och dräi Joer gebraucht, ir e mat senge Frënn Eucharistie gefeiert huet!), an ech sinn der Meenung, datt ALL Par oder Parverband e Par- oder Parverbandsrot muss hunn, deen och no dem Ofgang vum Paschtouer seng Responsabilitéit iwwerhuele muss, wat d'Leedung vun der Par oder vum Parverband ubelaangt, an och e Liturgie-Grupp, dee sech em d'Gottesdéngschter këmmert, wa kee Paschtouer méi an der Par oder am Parverband ass.

Ech hunn an alle Paren, an deenen ech bis elo war (zu Nidderkuer 1974, zu Mamer 1988 an zu Maacher 1998) drop gehal, datt Haiser amenagéiert a Gemeinschaftsreim geschaf goufen, wou Mënsche, sech treffe kënnen, fir ZESUMMEN d'Par ze féieren, de Glaf ze liewen an ze erneieren, Gottesdéngscht virzebereeden, ze bieden an ze feieren,

9. well ech es sat sinn, Sakramenter ze spenden u Leit, déi näischt méi mat der Kierch, mat Glaf a Praxis um Hutt hunn. (Daf, Bestiednes, do froen eng Parti Leit scho net méi nom Sakrament - a virun allem d'1. Kommioun: déi wëlle se alleguerte maachen, soss kréien d'Kanner keng Kadoen!! - a „gare-la-mine“ du refüséiers engem d'1. Kommioun! Dat selwecht gëllt och fir d'Fiermung, dat en "Qfschloss-Sakrament" ginn ass: „mir schléissen of mat der Kierch!"),

10. well ech net verstinn, datt mer eis Zäit mat strukturellen, territorialen Ëmännerungen (esou wichteg se och sinn) verplemperen, déi am Joer 2005 dach net méi esou ze besetzen an ze vertriede sinn, wéi mir elo dervun dreemen (an déi, menger Iwwerzeegung no, vun ënnen hier wuesse mussen an net vun uewen erof oktroiéiert sollte ginn), an äis net prioritär asetzen fir lieweg liturgiefäheg Gemeinschaften entstoen ze dinn mat Geeschtlech, déi vun allem "Net-Seelsorgleche" befreit sinn.



Ech hu bis elo all Entscheedung, déi vum "Bistum" komm ass, akzeptéiert. Ech war net frou, wéi et 1968 - d'Joer vu menger Priesterweih - geheescht huet, du kënns an de "verruffene" Minett (an dat war deemools net nëmme meng Meenung!). Ech war 1988 nach vill manner frou, wéi ech no 20 Joer de Minett hu misse verloossen. Ech war och net frou, 1998 Mamer/Käerch ze verloossen, wou nach esou munches net fäerdeg war, wat ech an d'Wee geleet hat, an ech hunn deemools alle gesot, déi et wollten héieren (och de Responsablen aus dem Bistum): "Ech bleiwen nach 5 Joer entweeder zu Mamer oder zu Maacher, wann ech dohi muss goen, an da ginn ech a Pensioun!" Dës 5 Joer sinn elo eriwwer!

Spéitstens den 1.9.2003 ass meng Adresse an Italien. Ech sinn awer weider bereet, a Paren oder Parverband, an deenen an Zukunft kee Geeschtleche méi ass, wou awer e Parrot an en e Liturgie-Grupp besteet an engagéiert Chrëschte liewen, déi no "eppes" sichen, de "cheminement" op Chrëschtdag an op Ouschtere matzemaachen (all Kéiers plus/minus 4 Wochen), an och déi zwee Méint Vakanz (Juli-August) an där/deem Par/Parverband ze verbréngen, esou laang et nach geet a Gott wëllt.